Dem

Pippi Lotta

seng grouss

Reess



FOUNDATION

Impressum

UP_FOUNDATION
29, rue Dicks
L-4081 Esch-sur-Alzette

Text: Charlotte Reuter
Illustratiounen: Marthe Viehmann
Konzept: Nathalie de la Fontaine, Sue Schmit
Korrekturen: Catherine Kremer
Drock: REKA S.A.

1. Oplag 2026

ISBN: 978-99987-413-0-0

© UP_FOUNDATION, 2026

Dem Pippilotta seng grouss Reess



Pour la version française :
For the English version:
Für die deutsche Fassung:



Kids' Village (KiVi):
En Duerf vu Kanner fir Kanner

Eis Kanner sinn onbeschreiflech: si hunn ugebueren Talenter a ville Beräicher an all Dag weisen si wat si kënnen. Et ass un eis Erwuessener dës Talenter ze erkennen an ze fërderen.

A genau dat geschitt bei eisem Projet Pippilotta, dee mir virun dräi Joer an d'Liewe geruff hunn aus der Erkenntnis, dass déi éischt Jore vum Kand, déi Wichtegst a senger Entwécklung sinn. Hei gëtt de Grondstee fir all spéider Entwécklunge geluecht an et ass entscheedend genau an dësem Alter an eis Kanner ze investéieren: als Eltere mee och als Gesellschaft wëll d'Kanner vun haut sinn d'Erwuessener vu muer.

An no deem Prinzip, dass d'Kanner scho ganz fréi vill Talenter hunn, ass de Projet entstan: D'Kanner aus dem Kannerhaus Wooltz hunn d'Pippilotta erfonnt an entwéckelt an d'Kanner aus der Grondschoul Jean Jaurès an der Maison Relais Heemelmaus vun Esch hunn dem Pippilotta säin Duerf KiVi op der Metzeschmelz gebaut.

An elo ass d'Pippilotta mam KiVi op der Rees fir d'Kanner vun 0-6 Joer an hirer ganzheetlecher Entwécklung ze stäerken an hinnen an de Stied an an de Gemenge vum Land eng Plaz ze gi wou si – wéi an engem Duerf – ënnereneen a mat den Erwuessene vill zesummen erliewen a schéi Stonne genéissen.

Vill Spaass dobäi,

Liz Kremer-Rauchs
Presidentin vun der UP_FOUNDATION

Wéi alles ufänkt

Et ass eppes ganz Schlëmmes geschitt: Dem Pippilotta säin Duerf, an deem hatt schonns ganz laang mat senger Famill wunnt, ass futti!

A wou sollen si dann elo alleguer wunnen? An deenen aneren Dierfer ass keng Plaz fir d'Pippilotta a seng Famill. Een Doheem ass awer wichteg – ouni, fillt een sech net gutt. Dofir ass et kloer fir d'Famill, datt en neit Duerf muss gebaut ginn!

Jiddereen huet eng Meenung, wéi Haiser an Dierfer sollen ausgesinn, mee wéi se gebaut solle ginn, weess keen. Wéi sollen si dat elo nëmme léieren?



Si sinn sech alleguer zimmlech direkt eens, datt just d'Pippilotta elo hëllefe kann! Vu klengem u war hatt schonns ëmmer gären op der Rull. Hatt huet vill Energie, ass ganz virwëlzeg an huet op senge villen Ausflich duerch d'Land, esou Munches gesinn an erlieft. Dofir mécht et Sënn, datt d'Pippilotta d'Aufgab fir ze léiere wéi een neit Duerf baut iwwerhëlt. Op senger leschter Rees ass him effektiv opgefall, datt zu Lëtzebuerg fläisseg gebaut gëtt. Et gi vill Chantieren, wou Haiser, Schoulen, Brécken a Stroossen entstinn.

„An der Rei!", rifft d'Pippilotta. „Ech maache mech also op de Wee, fir ze léiere, wéi een Duerf gebaut gëtt. Villäicht kann ech jo op engem vun de villen Chantieren nokucken, oder nach besser, mathëllefen! Da sinn ech sécher, datt ech weess wéi et geet. Duerno kommen ech zréck, a mir bauen zesummen eist neit Duerf!"



